



vis-à-vis vun der Preparatioun vum Sommet, a mir maachen da gewéinlech och, nodeem dass e Sommet war, Sitzungen, fir ze gesinn, wat dobäi erauskomm ass. An och an där gängeger europäescher Législatioun huele mer eis Responsabilitéit.

Dat wëll ech hei soen, well et kann een net einfach esou am Raum stoe loosse, wat hei gesot ginn ass.

Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Elo kritt den Här Minister Mars Di Bartolomeo d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President.

Éischtens ass de Premier zënter gëschter Owend a bis muer zu Bréssel. E kéint also keng besser Excuse hunn, wéi eis um Sommet ze representéieren.

Zweetens kënnt mäi Kolleg, de Luc Frieden, am Nomëtten hei nach an d'Chamber an e wäert sech kenge Froen entzéien.

Drëttens, de Gros vun deene Moossnamen, déi gëschter proposéiert gi sinn, hu keen Impakt op de Budget vun 2011, eng Rei wäerten en Impakt hunn op de Budget 2012, an eng Rei wäerten net en direkte budgetären Impakt hunn.

Véiertens sinn ech aus där Réunioun, där Bipartite respektiv där Entrevue tëschent Regierung an der UEL fortgaang, virun der Zäit, wou Konkusiounen konnte gezu ginn, fir hei an d'Chamber ze kommen, fir den Ajustement an och den Eenheetstaux bei der Assurance accident ze verteidegen. Wéi ech also hei an der Chamber war, sinn déi Debatten oder déi Diskussiounen tëschent UEL an der Regierung net ofgeschloss gewiescht. Wéi ech fortgaang sinn, waren nach Diskussiounen iwwert déi Proposition, déi gëschter op den Dësch komm ass vum Taux de cotisation vun der Assurance accident.

Fënneftens ass den Taux vun der Assurance accident net an deem Gesetz festgehalen. Wéi d'Gesetz opgestallt ginn ass, ass den Taux d'équilibre, den theoreteschen Taux d'équilibre op 1,25% festgehalen ginn. Ech wëll och soen, dass et net d'Aufgab vun der Chamber oder vun der Regierung ass, fir den Taux ze fixéieren, mä dass et eleng ënnert d'Kompetenz vun dem Comité directeur vun der Assurance accident fält, eng Patronatsversécherung, wou also och an deem Fall de Comité directeur ka fräi entscheeden, wéi en den Taux festsetzt. Do, wou d'Chamber an d'Regierung kompetent waren, dat ass de Prinzip respektiv d'Verankerung vum Taux de cotisation unique am Gesetz festgehalen. All déi aner Saache sinn an der Kompetenz vum Comité directeur vun der Assurance accident.

Sechstens sinn ech der Meinung, dass d'Chamber all Recht huet, fir Informatiounen ze kréien. An d'Regierung wäert, soufern dat Impakt op de Budget vun deem Joer huet, selbstverständlech Ried an Äntwert stoen, a selbstverständlech och zu all deenen anere Punkten. Mä dass de Premier net hei ka sinn, versteet wuel jiddweren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och. Vlächcht awer ganz kuerz, well ech mengen, mir musse virukommen, an et ass jo esou, dass de Finanzminister herno an d'Chamber kënnt. Hie kann dann in extenso op all déi Froen äntwerten, déi och virdrun hei opgeworf gi sinn. Vlächcht ganz kuerz, Här Bausch.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, éischtens, ech hunn net gesot, onbedéngt de Premierminister misst hei setzen. Ech hu gesot, entweder de Premier oder de Finanzminister, éischtens.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Richteg.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Jo, genau. D'Regierung soll hei Ried an Äntwert stoe kommen. An et ass awer der Chamber hiert absolut Recht, fir d'Regierung ze convoquéieren, zemoos wann et em Saache geet, déi zum Beispill dann de Budget betreffen, déi mer d'lescht Woch ofgestëmmt hunn.

Den Här Di Bartolomeo seet hei, de Gros vun de Mesuren hätt wahrscheinlech keen

Impakt op d'Joer 2011. Mä ganz sécher huet mindestens eng dovunner en Impakt op d'Joer 2011. An ech wëll lech soen, wéi mer d'Debatten an der Finanzkommission ronderëm de Budget an och hei an der Pleniëre gefouert hunn, hunn ech déi Froen un de Finanzminister gestallt. Ech hu gesot: „Kënnt Dir mer garantéieren oder kënnt Dir mer soen, dass dat, wat do négociéiert gëtt, keen Impakt huet op de Budget vun 2011?“ Ech hu keng Äntwert dorobber kritt. Ech hu keng Äntwert dorobber kritt, an dat ass net akzeptabel!

Et ass net akzeptabel, dass am Parlament iwwer e Budget diskutéiert gëtt, wou d'Zuelen, déi am Budget stinn, net der Realitéit entspriechen, wéi se herno wäerten an de Verhandlungen derbäi erauskommen. Dat ass fir e Parlament net akzeptabel.

(*Interruption*)

An duerfir mengen ech och, dass d'Regierung gutt berode gewiescht wier, fir direkt, mindestens gëschter Owend, wéi se gesot hunn, wat aus deem Accord do erauskomm ass, selwer ze soen: „Mir wäerten elo selbstverständlech emol direkt an d'Parlament goen, fir do eng Deklaratioun ze maachen a mam Parlament doriwwer ze diskutéieren.“

Et ass awer net normal, dass dat Parlament... dass mir mussen als Opposition hei op d'Tribün heihinnerkommen, fir Koméidi ze schloen, fir dass iwwerhaupt hei ee sech beméit, fir Ried an Äntwert ze stoen. Déi Punkten, déi mer haut um Ordre du jour hunn, wou de Finanzminister hei ass, déi hu wierklech weder de loin nach de près iergendeppes ze di mat deem, wat gëschter Owend diskutéiert ginn ass.

Ech gi jo net dervun aus, dass mer am Kader vun deene Projet-de-loien déi dote Froe sollen diskutéieren. Donc hätte mir gär, dass e separate Punkt op den Ordre du jour haut kënnt mat enger Definitioun vun engem Modell vu Riedezäit, déi mer och kréien, fir dass mer kënne separat iwwert deem Accord vu gëschter Owend hei diskutéieren. Dat ass de Wonsch!

An ech mengen, dass dat näischt ze vill verlaangt ass an dass et och näischt dermat ze dinn huet, dass mir wëilten hei Zodi schloen, well et déi lescht Sitzung um Enn vum Joer ass. Ech mengen, wann een e bëssen éierlech ass, och als Majoritéit, da weess een, dass an all Parlament dat heite fir zimlech vill Roserei bei de Parlamentarier normalerweis misst suergen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Den Här Bettel, wann ech gelift.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Här President, vun eiser Säit och. Ech ka mech nach erënnere, Här President, wéi den Här Statsminister gesot hat, dass e gären d'Fraktionschefen alleguerten invitéiert, fir iwwert d'Tripartite ze informéieren. Ech sinn averstanen, d'Tripartite ass vlächcht gescheitert, mä et ass net, well zwou Bipartite sinn, dass d'Fraktionschefen ni méi iergendeng Informatioun kritt hunn iwwert d'Verhandlungen.

An d'Fraktionskollegee mussen éierlechkeetshalber soen, dass den Här Statsminister gesot hat, e géif gare kucken d'Fraktiounen bei den Tripartiten a bei den Négociatiounen mat anzubannen.

► **Une voix.**- D'Parlament.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Jo, mä en hat d'Fraktionschefen invitéiert, eemol. An dat ass do stoe bliwwen.

Ech insistéieren och, Här President, wann haut de Finanzminister kënnt, dass mer e Punkt op dem Ordre du jour hunn, dass mer net sollen duerno um hallwer siwen oder um aacht Auer dat maachen, mä dass, wéi dat virgesinn ass, no de Froen och... D'Question-parlementaire solle jo deen drëtten Punkt um Ordre du jour sinn, hat Der virdru gesot, dat sollt och esou bleiwen, an dass dann de Minister eis awer och Ried an Äntwert steet, an dass mer och eng Zäit kréien, fir kënne déi Froen ze exposéieren.

Hie soll ufänken eis de Plang ze presentéieren, a mir solle kënne Froe stellen an och Äntwerten dorop kréien.

► **M. le Président.**- Den Här Schiltz, wann ech gelift.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- Här President, wat déi zweet Serie vun den Aussoe vun de Kollege Bausch a Bettel ubelaangt, kann ech, wat de Fong ubelaangt, mat enger Maßgab domadder d'accord sinn. Ech hätt mech am Toun net esou ausgedrückt, mä wat de Fong ubelaangt, dass mer hei sollen eng Debatt doriwwer féieren. Ech mengen, ech hat lech virdrun net de Contraire gesot. An ech hunn och d'Gefill, dass déi zweet Editioun vun den Aussoen net méi genau déi nämlecht wor wéi déi éischt Editioun.

(*Interruption*)

Ma dat sief emol dohinnergestallt.

Ech mengen, dass de Minister Di Bartolomeo an ech selwer, an ech mengen, dass de Kolleg Lux och domadder d'accord ass, gesot hunn, dass mer dat sollen hei haut diskutéieren. An da maache mer dat. Ech hu gesot: „Jo, mat enger Maßgab.“ Den Här Bausch huet gesot, dass déi Mesur vu gëschter en Impakt op de Budget hunn. Dat wäerte mer vum Finanzminister héieren. Dat war meng eenzeg Maßgab.

► **M. le Président.**- Gutt! Ech mengen, mir sinn eis jo dann doriwwer eens, dass, wann de Finanzminister elo an d'Chamber kënnt, en doriwwer eng Deklaratioun mécht. A mir sinn och alleguerten domadder averstanen, dass dann all Fraktioun dozou ka Stellung huelen.

Ech hunn awer nach virdrun e Wonsch vum Här Schiltz hei, dee proposéiert hat, all d'Froen um Enn vun der Sitzung ze huelen. Dat géif dee Moment heeschen, dass déi Debatt sech da jo och géif un d'Question-parlementairen uschleissen. Dat heescht, mir géifen dann alles zum Schluss vun der Sitzung maachen.

Ass dat an der Rei?

(*Assentiment*)

Gutt. Da wier dat domadder akzeptéiert.

Den Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, ech wollt och nach kuerz zum Ordre du jour schwätzen. Ech hat eng Question urgente gestallt an Hisiicht, fir den Här Krecké de Mëtten heihinner ze invitéieren. Et geet eigentlech a méi engem wäite Sënn och em de Respekt, deem d'Regierung den Deputéieren entgéintbréngt.

Mir wëssen, dass mer elo am Dezember sinn, am Februar hu mer Recensement. Ech hat eng Question parlementaire gestallt iwwert dee Recensement - dat ass jo also elo ganz geschwënn -, an deem Sënn, ob déi Sproochen, déi an deem Recensement benotzt sinn, déi dräi administrativ Sproochen vum Land sinn an ob se gläichberechtigt behandelt ginn.

Mir hunn elo festgestallt iwwert d'Chambre des Salariés, dass déi Questionnairen, déi zirkuléieren, nëmmen op Franséisch si respektiv een nëmmen op Franséisch an op Däitsch, a kee vun deenen op Lëtzebuergesch. Duerfir wollt ech awer froen, dass den Här Minister Krecké dozou Stellung hëlt, an ech géif lech bieden, och dat haut op den Ordre du jour ze setzen.

Villmoos Merci.

(*Interruption*)

► **M. le Président.**- Also, ech wëll dem Här Kartheiser hei äntwerten. Dat do ass e bëssen eng gelunge Prozedur. Här Kartheiser, Dir hutt d'Recht, eng Question urgente ze stellen, mä et ass nach ëmmer dem President säi Recht, fir déi Urgence unzëerkennen oder net. An et ass net un lech, hei ze decidéieren, an och net um Plenum, op enger Urgence vun enger Question parlementaire. Dat wëll ech lech awer elo emol nach soen.

Elo komme mer zum éischten Punkt vun eise Ordre du jour vun haut de Mëtteg, nämlech de Projet de loi 6222 iwwert de Mindestloun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Kaes, Etgen, Lux, Braz, Gibéryen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

2. 6222 - Projet de loi modifiant les articles L.222-4 et L.222-9 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dem Ajustement vun de Pensiounen, dee mer gëschter gestëmmt hunn, komme mer haut zu der Upassung vum soziale Mindestloun, deem der Lounentwécklung aus de Joren 2008 an 2009 Rechnung dréit.

Déi lescht Upassung vum soziale Mindestloun un d'Lounentwécklung ass virun zwee Joer den 1. Januar 2009 erfollegt. Bei dëser Adaptatioun waren d'Léin vun de Joren 2006 an 2007 als Bemessungsgrundlage benotzt ginn. De soziale Mindestloun ass deemools em 2% eropgesat ginn, fir esou de Retard, deem en op d'Lounentwécklung hat, auszgläichen. 34.139 Leit hunn deemools dervu profitéiert: 17.811 Fraen a 16.328 Männer.

Laut Gesetz muss d'Regierung dem Parlament all zwee Joer e Rapport virleeden, deem d'Lounentwécklung am Privatsouwéi am öffentleche Secteur ënnert d'Lupp hëlt an och déi wirtschaftlech Situatioun vum Land während där Period analyséiert. No 2008 ass et dëst Joer nees un esou enger Evaluatioun. Dee betreffende Rapport ass am Kader vum Gesetz vun haut den 18. November 2010 vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit an der Chamber deponéiert ginn.

D'Lounentwécklung gëtt no enger bestëmmter Method gerechent, déi zréckgeet op d'Gesetz vum 24. Abrëll 1991 an duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994 emgeännert gouf. Déi éischt Adaptatioun, gerechent no där neier Method, ass deemno den 1. Januar 1995 a Kraaft getrueden. Opgrond vun deem ugeschwattene Rapport kann d'Regierung dem Parlament da virschloen, d'sozial Mindestléin un déi allgemeng Lounentwécklung unzepassen.

Här President, fir d'Adaptatioun vum Mindestloun aus dem Gesetz vun haut ginn deemno d'Léin vun de Joren 2008 an 2009 als Bemessungsgrundlage geholl. Hei gëllt et ze bedenken, dass während deenen zwee Joer eis Wirtschaft staark ënnert där weltwäiter Wirtschafts- a Finanzkris gelidden huet, an duerfir och d'Salarien nëmme moderat em 1,9% an d'Luucht gaange sinn.

Em dës 1,9% gëtt de soziale Mindestloun dann ab dem 1. Januar 2011 erhéicht. Zum Verglach ass 2009 de soziale Mindestloun em 2% eropgaang, 2007 waren et der 1,9%, 2005 2% an 2003 3,5%.

An d'Berechnung vum sozialen Mindestloun fléisst folgend Haaptparameter: Et ginn all Salariéer vun 20 bis 65 Joer bis zu engem Siwefache vum Mindestloun a Rechnung gesat, woubäi 20% vun deenen niddregste Léin a 5% vun deenen héchste Léint ewechfalen. Doraus gëtt dann de Moyenné-Stonneloun op den Index 100 fir dat respektivt Joer berechent, an doraus dann d'Joresaugmentatioun gerechent.

Här President, ech muss leider feststellen, dass de Prozentsaz vu Leit, déi de soziale Mindestloun, souwuel Temps plein wéi Temps partiel zesummegezielt, kréien, iwwert déi lescht Jore geklommen ass. Virun zéng Joer hunn d'Mindestloun-bezéier 11% vun der schaffender Bevëlkerung uitgemaach. Tëscht 2008 an 2009 ass hire Prozentsaz da séier vun 11,2 op 15,2 geklommen. Haut maache si 15,4% vun de Salariéer aus.

De Krees vu Leit, déi trotz enger fester Schaff riskéieren, ëmmer méi schwéier iwwert d'Ronnen ze kommen, gëtt och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss. Emsou méi néideg bleift d'automatesch Upassung vun de Léin un d'Liewenskäschten an déi regelméisseg Upassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung.

Här President, ech wëll och betounen, dass nach ëmmer eng relativ grouss Inegalitéit



tëschent der Unzuel vu Fraen, déi de Mindestloun bezéien, a Männer am gläiche Fall besteet. De Prozentsaz vun de Fraen, déi de Mindestloun kréien, läit bei 20,4% vun de Fraen um Aarbechtsmaart. An absoluten Zuele sinn dat 24.950 Persounen, woubäi déi meescht - 63% - an der Hotel- a Restauratiounsbranche schaffen. De Prozentsaz vun de Männer läit just bei 12,2% vun all de Männer um Aarbechtsmaart. Dat sinn 23.103 Leit, woubäi hei déi meescht - 45,1% - an der Landwirtschaft an am Wäibau schaffen.

Am Ganzen also 48.350 (veuillez lire: 48.053) Leit, déi hei zu Lëtzebuerg op den 31. Mäerz 2010 de Mindestloun kruten; deemno 15,4% vun der aktiver schaffender Bevölkerung. Zousätzlech ass et och nach esou, dass dës Frae vill méi oft enger Deelzäitaarbecht noginn. Nëmmen 72% schaffen à plein temps vun de Fraen, woubäi hir männlech Kollegegen zu 88% ganz schaffen.

Och wa generell den Alter vun de Mindestlounbezéier an deene leschten 20 Joer ëm dräi Joer an der Moyenne eropgaangen ass - e läit bei 38 Joer am Joer 2009 -, esou ass et leider esou, dass virun allem jonk Leit de Mindestloun kréien. Dat ass natierlech drop zrëckzuféieren, dass si ganz am Ufank vun hirer professioneller Carrière stinn an nach keng Berufserfahrung sammelen konnten. Wéi et och dës Joer am Rapport vum Familljeministère „Nationaler Bericht zur Situation der Jugend in Luxemburg“ nozeliesen ass.

Här President, de Projet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, dréckt de politesche Wëlle vun der Regierung aus, eng retroaktiv Upassung vum soziale Mindestloun vun 1,9% anzeféieren an esou de Réckstand op d'Lounentwécklung vun de Joren 2008 an 2009 opzehuelen an auszegläichen.

Deemno geet de Mindestloun fir 48.350 Persounen ab dem 1. Januar 2011 ëm 1,9% an d'Luucht. Konkret heescht dat, dass den net qualifizéierte Mindestloun vun 1.724,81 op 1.757,56 Euro eropgesat gëtt. Dës entsprécht enger Augmentatioun vun 32,75 Euro an heescht, dass den net qualifizéierte Mindeststunneloun vun 9,97 op 10,15 Euro eropgesat gëtt.

De qualifizéierte Mindestloun geet vum 1. Januar 2011 vun 2.069,77 op 2.109,07 Euro erop. Dat ass eng Hausse vun 39,3 Euro. Dat heescht, dass de qualifizéierte Mindeststunneloun vun 11,96 op 12,19 Euro eropgeet.

De Käschtepunkt vun der Mindestlounerhéijung läit bei ongeféier 18,5 Milliounen Euro. Derbäi kommen nach 4,46 Milliounen Euro fir d'Sozialbäiträg - d'Cotisations sociales an esou weider -, wat dann e Gesamtkäschtepunkt fir d'Lëtzebuurger Industrien ausmécht vun ëm déi 23 Milliounen Euro. 1,59 Milliounen Euro ginn heibäi och zu Laaschte vum Fonds pour l'Emploi.

Här President, an deem Gesetz gëtt et, ausser der Erhéijung vum soziale Mindestloun, deen ënnert dem Artikel 1 steet, fir de Code du Travail vum Artikel 222-9 ze adaptéieren, och nach en Artikel 2, deen den Artikel 222-4 vum Code du Travail a Conformitéit setzt mat den Artikelen 65 a 66 vum Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle.

De qualifizéierte Mindestloun kréien deemno och d'Leit, déi eng professionell Qualifikatioun kënnen virweisen. Bei den CATP - Certificat d'aptitude technique et professionnelle - kënnst elo och en DAP - Diplôme d'aptitude professionnelle - derbäi. Déi Leit, déi en CCM - Certificat de capacité manuelle - hunn, an duerch dësse Projet de loi och déi, déi en CCP - Certificat de capacité professionnelle - hunn, ginn als Salarié qualifizéiert ugesinn, nodeems se eng praktesch Erfahrung vun zwee Joer an engem Beruff ausgeübt hunn.

Här President, ech kommen zum Schluss. An dësen Zäite gëllt et ganz besonnesch, eis sozial Errungenschaften ze sécheren, zu deene ganz kloer d'Upassung vum sozialen Mindestloun un d'Lounentwécklung gehéiert. Dës Eropsetze garantéiert de Leit

jo net just e klengen Plus an der Pai, mä erhéicht och d'Kafkraaft an dréit esou an engem gewëssene Mooss dozou bäi, d'Wirtschaft mat unzuekuerbelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Roger Negri. Als éischte Riedner ass den Här Ali Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Ali Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass méttlerweil eng Traditioun, dass mer eis all zwee Joer treffen, fir iwwer eng Upassung vum Mindestloun ze diskutéieren an och ze decidéieren. Ech wëll och gläich dem Rapporteur, dem honorabelen Här Roger Negri, villmools Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wëll och net méi op de Mechanismus fir d'Festleeë vum Mindestloun zrëckkommen. Ech mengen, den Här Negri huet dat a sengem Rapport ausféierlech dokumentéiert. Ech géif just gären eng Kéier un d'Finalitéit vum Mindestloun erënneren. An engem Rapport vum 13.12.2000 iwwert d'Emännerung vum Gesetz vum 12. Mäerz '73 iwwert de Mindestloun huet den deemolege Rapporteur, den Här Marcel Glesener, drop higewisen, dass de Mindestloun kee sozialt Redistributiounsinstrument ass, mä villméi en Instrument, dat de reelle Mindestwäert vun der Aarbecht festleet.

De Mindestloun reflektéiert d'Evolution vun der Produktivitéit vun der Wirtschaft a garantéiert eng objektiv Rémunération vun der Aarbecht. De Mindestloun ass ouni Zweifel e wichtege Garant fir d'sozial Kohäsioun an onsem Land, well en eng gerecht an équilibréiert Participatioun vun de Salariéen, déi um Ufank vun der Gehälterkala stinn, un der Evolution vun der Wirtschaft garantéiert.

Esou eng Erhéijung hëlleft enger ganzer Rei vu Lounempfänger hei am Land, déi net duerch e Kollektivvertrag vun enger kontinuierlecher Lounpolitik profitéieren respektiv den Avantage vun automatesch järelechen Upassungen hunn, déi hinnen a sech dann eng regelméisseg Entwécklung vum Akommes garantéieren an hir Kafkraaft stärken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni e soziale Mindestloun géifen an engem Land wéi Lëtzebuerg, dat bal nëmmen aus Grenze besteet a wou d'Aarbechtslosegkeet an de Grenzregiounen grouss ass, aus der Nout eraus Leit fir e Salarié schaffen, deen et net erlaabt, anstänneg ze liewen, wat zu engem enorme sozialen „dumping“ an eisem Land géif féieren.

Datt hei am Land bal 50.000 Leit um Mindestloun schaffen, beweist, dass awer eng ganz Rei vu Patronen nëmmen dat bezuelen, wat se vum Gesetz hier musse bezuelen. Géif et also kee Mindestloun ginn, da géife vill vun dësen Leit riskéieren, entscheidend manner an hirer Paitut ze hunn. An eis Ekonomie géif domadder wäertvoll Kafkraaft verléieren, well dës Leit hir Suen, déi Leit, déi um Mindestloun schaffen, bekanntlech net fir Vakanzen ausginn, mä virun allem fir dat Elementaarst, wat se brauchen, fir ze liewen. An ech mengen, dat kafe se och fir d'Éischt an eiser Ekonomie.

Ouni dës automatesch Lounupassung géif sech déi prekär Situatioun, an där sech vill Mindestlounempfänger befannen, sécherlech nach weider verschlechteren, an domadder déi sozial Kohäsioun vun eisem Land op d'Spill setzen. D'sozial Kohäsioun, de soziale Fridde sinn awer mat déi wichtegste Aspekter vun der Kompetitivitéit vun deem Land. Ech mengen, dat soll ee wierklech net vergiessen.

Här President, aus all deene Grënn ënnerstëtzt d'CSV-Fraktioun deen heite Projet. An ech ginn och domadder d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun. Also, Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Ali Kaes Merci. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vir-

eweich och vu menger Säit dem Rapporteur, dem Kollege Roger Negri, een opriichtege Merci fir säi präzise schrëftlechen an och mëndlechen Rapport. Dës Rapport ass eng wäertvoll Dokumentatioun iwwert d'Evolution vum Mindestloun u sech an awer och iwwert d'Mindestlounbezéier. Et ass richtig ze soen, dass d'Erhéijung vum Mindestloun konform mat der Strategie vu Lissabon ass an och mat der EU-Strategie zu Gonschte vum Emploi.

Bedauere wëll ech awer an deem Kontext, dass mer et an Europa, an deem gewënschte sozialen Europa net fäerdeg bréngen, dass all Salarié ee Recht op ee Mindestloun huet, deen der nationaler Situatioun ugepasst ass. Wa mer ee Bléck op déi Lëtzebuurger Zuele werfen, kënnst een net derlaanscht, fir ze soen, leider, géif ech soen, fir ze bedauern, dass et nach ëmmer méi Frae wéi Männer gëtt, déi de Mindestloun bezéien. Frappéiert huet mech och besonnesch, dass de relativen Undeel vun de Mindestlounbezéier an den Nordkantone mat am héchsten ass.

Här President, an den Ae vun der Demokratescher Partei soll de Mindestloun ënner anerem folgenden Ziler gerecht ginn: Leeschtung an Aarbecht musse sech lounen; jiddwereen, dee schafft, muss ee Recht op een dezenten Loun hunn; mir wëllen, dass déi Leit, déi schaffen, net an Aarmut musse liewen; an de Mindestloun soll de Goût, fir ze schaffen, incitéieren.

Dat gouf och an engem gemeinsame Communiqué vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers kritiséiert. Een RMG-Bezéier, deen an enger Communauté domestique leeft, kritt mat 1.880 Euro de Mount méi wéi een, dee fir de Mindestloun schafft an nëmmen 1.757 Euro kritt; also 123 Euro de Mount manner.

Ech mengen, dass et dofir och emol un der Zäit ass, méi genee ze kucken, wéi d'Wieselswierkung tëscht Mindestloun, RMG a Chômage ass, an dat besonnesch virum Hannergrond vun ëmmer méi Aarbechtsloser, déi keng adequat oder einfach iwwerhaupt keng Ausbildung hunn. Mir mussen duerfir gutt oppassen, dass d'Uklamme vum Coût salarial am ënneschte Lounberäich sech net ëmmer méi negativ op den Emploi peu qualifizéiert auswirkt, bezéiungsweis déi Leit souguer penaliséiert.

D'Iddi vun engem Salaire social minimum Formation, déi de Professor Lionel Fontagné opgeworf hat, hat de Mérite, op genau dës Problem opmierksam gemaach ze hunn. Leider ass dës Iddi ni am Fong duerchdiskutéiert ginn, bezéiungsweis iwwer alternativ Pisten diskutéiert ginn. D'DP ass op alle Fall Demandeur, dass mir eis där Problematik, besonnesch och virum Hannergrond vun der Reform vun der ADEM an dem Wonsch vun enger aktivéierender Aarbechtsmaartpolitik, sollen unhuelen.

Här President, och wa mir net all Avisé vun de Berufschamberen hunn, wëllt dat net heeschen, dass all Mënsch mat deem Lounajustement d'accord ass. D'Patronatsorganisatiounen bekloen sech, dass d'Erhéijung kombinéiert mam Erfale vun enger Indexbranche d'Kompetitivitéit vun eise Betriber am Verglach mat der auslännescher Konkurrenz ze vill belastscht.

Als Demokratesch Partei hu mir Versteesdemech fir dës Bedenken. Am Kontext vun der Kris war eise Modell jo een aneren: éischstens, eng Indexbranche aussetzen; zweetens, de Wuerekuerf am Sënn vun engem nohaltegen Index nei definéieren; drëtens, ee klere Jo zur Mindestlounerhéijung. Dës Modell ass sozial méi équilibréiert wéi der Regierung hir Décisiounen, well nëmmen déi ënnescht Léin wuessen. De Stat spuert. Mir kréien d'Inflatioun gebremst. Mir gi méi kompetitiv. Dat ass gutt fir eis Wirtschaft an d'Aarbechtsplazen. Mir kréien nei Kafkraaft an neie Wirtschaftswuesstum.

Ech kommen net derlaanscht, e puer Wuert iwwert d'Indexfro ze verléieren. Wéi d'Erhéijung vum Mindestloun, ass den Index ee wichtegt Instrument zum Erhale vun der Kafkraaft vun de Leit. Eng Kafkraaft, déi an deene leschte Jore staark gelidden huet. An d'DP huet et oft genuch ugeprangert. Mä a Krisenzäiten ass den In-

dex och en Instrument, dat Aarbechtsplazen a Gefor bréngt respektiv verhënnert, dass neier geschafte ginn.

An deem Sënn ass d'Indexfro eben net nëmmen eng Fro vu Kafkraaft, mä a Krisenzäiten ass et och eng Fro vu Solidaritéit. Solidaritéit mat deene Leit, déi eng Aarbecht sichen. Solidaritéit mat deene Leit, deenen hir Aarbechtsplaz um Spill steet.

Här President, d'DP ass d'accord, fir d'Mindestloun ze erhéien. Si ass awer net d'accord mat der Politik vun der Regierung, fir näischt op der Fro vum Index ze maachen a fir d'Belaaschtung vun de Leit an de Betriber eropzesetzen. Duerfir wëll ech dësse Vote net als Ennerstëtzung vun der Regierungspolitik ugesinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Lux agedroen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen, léif Kollegegen, ech wollt fir d'Éischt och eisem fläissegem a gewissenhaften Dauerrapporteur Roger Negri Merci soe fir d'Aarbechten och zu deemem Projet de loi a wollt mech schonn direkt erfreet weisen iwwert de Konsens, deen ech denken, dass mer haut wäerte kréien, fir à l'unanimité dee Vote hei virzehuelen.

Ech mengen, dass ass vun deemem Parlament an natierlech och vun der Regierung, well schlussendlech huet si de Projet abruecht, e gutt Zeechen no baussen, dass mer an engem Moment, wou eng gewësse Spuerlogik herrscht, eng gewësse Logik herrscht, fir sech alles, wat mer hei decidéieren, wat Geld kascht, sief et fir de Stat oder sief et fir d'Betriber, zwee-, dräi- a véiermol ze iwwerleeën, dass mer hei e kloert Zeeche setze fir déi Augmentatioun vum Mindestloun, déi sech ergëtt aus der Entwécklung vun deene leschten zwee Joer, dass mer déi virhuelen.

Dat ass eng voluntaristesche politesch Décisioun, déi hei geholl gëtt. A si gëtt och geholl ënnert dem Drock - dat ass jo elo och vu mengem Virriedner hei gesot ginn -, deen an deene leschte Woche ganz hefteg war vum Patronat. Dat hu mer jo och eescht ze huelen an doriwier hu mer jo och nozedenken, wat vun där Säit gesot gëtt. E ganz groussen Drock, engersäits déi Augmentatioun iwwerhaupt net virzehuelen, duerno an enger leschter Phas nach ze proposéieren, se da weinstens och wéi den Ajustement ze halbéieren.

Alles dat wäerte mer haut net maachen. A mir setzen dofir een Zeechen, wéi ech gesot hunn, wat zum sozialen Ausgläich an zum soziale Fridden hei an deem Land och ganz wesentlech bäidréit.

Ech denken, dass een awer och bei deem Montant vun 1.757, esou héich wéi deen och ass, an ech hu mer de Moien nach eng Kéier d'Mindestloun an eenzelnen anere Länner ugekuckt, fir zum Beispill feststellen, dass a Frankräich de Mindestloun - de SMIC - bei 1.321 läit, dass en an Holland bei 1.382 läit an dass en a Portugal, ech weess an ech kommen nach dozou, ënner ganz anere Gegebenheete bei 450 Euro de Mount läit.

An ech erënneren och nach eng Kéier drun, dass sech an Däitschland leider Gottes mat Erfolleg säit enger gudder Zäit gewiert gëtt, fir an d'Richtung vun engem Mindestloun ze goen, mat alle Schwierigkeeten, déi dat sozial an Däitschland ervirriift, a mat alle Schwierigkeeten, déi dat och ökonomesch bedeit an der Aart a Weis, wéi Däitschland sech opstellt an hirem Export an an deenen eenzelne Secteuren, wou et wierklech bal ëm eng Strategie vu bëllege Lounkäsche geet, déi dat provozéiert.

Ech wëll dofir soen, dass ee sech mat der Fro muss ausenanersetzen: Ass dat also e Frein à la compétitivité, deen héije Mindestloun, dee mer hunn? Ech hu mer dofir aus deene leschte Stonnen, aus deene leschten Deeg zwou, dräi Zuelen ugekuckt, zum Beispill déi Analys, déi gemaach ginn ass vun der iwwerregionaler Wirtschaftskammer zu Tréier, déi eng Analys gemaach huet vun de Kleng- a Mëttelentreprise, Handwirtschentreprise, wou et jo där Leit, déi op dem Mindestloun schaffen, méi gëtt.



Déi hunn eng Analys gemaach iwwert déi lescht puer Joer, fir feststellen, dass, wann een Tréier, d'Saarland, d'Moselle a Frankräich a Lëtzebuerg matenee vergläicht an der Groussregioun, mer do insgesamt gesinn, dass mer an der ganzer Regioun praktesch eng Stagnatioun vun der Schafung vun Aarbechtsplazen hunn an och eng Stagnatioun vun der Schafung vun neien Entreprises hunn, déi kommen. Ech mengen, do ass eng Augmentatioun vun 0,1% bei den Entreprises, déi derbäikommen.

An den absolut Éischten un der Spëtz vun der Kreatioun vun neien Entreprises a vun den Aarbechtsplazen ass Lëtzebuerg. Mir hunn an deene leschte Joren eng Augmentatioun vun den Entreprises an deene Beräicher do vu 5,1% gehat, och an der Kris! Mir haten eng Augmentatioun vun de Beschäftigtenzuelen an deenen Entreprises do vu plus 3,1% a vun de Léierbouwen, Léiermeedercher, Auszubildende vu plus 2,8%. Verglach an anere Regiounen souguer mat engem Réckgang vun Aarbechtsplazen, engem Réckgang vun Auszubildenden. Dat weist also net drop hin, dass trotz allem deen héije Mindestloun derzou féiert, dass hei eng Détérioratioun feststellen ass vun deem, wat um Niveau vun der Kompetitivitéit geschitt.

An net méi spéit wéi gëschter ass och déi dach awer relativ wichteg a bekannte Prognos-Studié erauskomm iwwert d'Standuertwäerter vun deenen eenzelne Länner. Do ginn iwwer honnert Länner analyséiert. An och do stellen ech nëmme fest, dass Lëtzebuerg an deem leschte Joer no vir gaangen ass, vun der 15. Plaz weltwäit op déi 12. Plaz an d'Luucht gaangen ass, säi Wäert vu 6,2% op 6,7% augmentéiert huet.

Wat also drop hiweist, dass bei all deem, wat mer hei maachen, och um Niveau vum Mindestloun, dach awer eis Kompetitivitéit bei allem, wat noutwendeg ass, och op eenzelne Gebidder ze maachen - an dat wäerte mer herno jo an der Debatt mat der Regierung iwwert den Accord vun der Bipartite vu gëschter nach ze diskutéiere kréien -, wat do ze maache bleift.

Ech wollt eng aner Suerg ausdrécken. Dat ass déi: d'Zounahm vun de Mindestlounempfänger hei an deem Land. Dat mécht engem, wann een déi Zuele kuckt, dach awer och e bësse Suergen. An ech wëll nëmmen eng Zuel soen, déi dat awer dokumentéiert.

Am Joer 2000, dat ass nach net laang hier, hate mer 24.000 ronn Persounen, déi um Mindestloun verdéngt hunn, a mir leien am Joer 2010 bei 48.000. Dat heescht, mir hunn dat verduebelt. Verduebelt! Elo sot Der mer zu Recht, dass d'Zuel vun de Beschäftigten insgesamt och an d'Luucht gaangen ass. Mä si huet sech awer net verduebelt, si ass nëmmen ëm 50% an d'Luucht gaangen, net ëm 100%, wéi dat bei dem Mindestloun ass.

Mir hunn also hei schonn eng Schéier, déi sech mécht an déi engem Gedanke mécht. Dat huet natierlech dermat ze din, dass mer a ville vun deene Beräicher do déi grouss Schwierigkeeten hunn, fir zu Kollektivverträge ze kommen. Dee Refus a ville Secteure vun de Patronatsorganisatiounen a vun de Betriber, fir sech mat de Leit un en Dësch ze setzen an dozou ze kommen, fir eng kontinuéierlech Kollektivvertragspolitik ze maachen, dee mécht natierlech schonn e gewëssene Schued um Niveau vun deem, wat de sozialen Ausgleich am Land bedeit a wat d'Méiglechkeete vun deene Leit do mat sech bréngen.

Da wollt ech eng lescht Bemierkung maachen. 1.757 Euro verglach mat deenen Zuelen aus anere Länner, déi ech lech genannt hunn, ass en héije Mindestloun. An ech mengen, dat ass sécherlech an deem Verglach, wa mer deen huelen - a mir vergläichen eis jo do net mat Rumänien oder mat Algerien, mä mir vergläichen eis mat Frankräich a mir vergläichen eis mat der Belsch a mat Holland -, en héije Mindestloun.

Mä et muss een awer och gläichzäiteg soen, dass d'Liewenskäschten hei an deem Land och zu engem gudden Deel anerer si wéi déi, déi mer op ville Plazen do begéinen. An ech wëll nëmmen ee Chiffer soen, deen engem dach awer ze denke gëtt, dass jiddwereen heibanne sech

et emol eng Kéier misst iwwerleeën. Mir sinn et jo allegueren, wéi mer hei sinn, net gewinnt, mat 1.757 Euro de Mount ze liewen! Ech wësst gären, wéi Einzelner vun eis dat géife fäerdeg bréngen!

Vill hei am Land kloe jo op engem ganz héijen Niveau. An ech géif mer heiansdo wënsche bei de Manifestatiounen, déi hei virun der Dier stattfannen, besonnesch wann ech un eng denken, déi viru kuerzem hei war, dass emol eng Kéier d'Mindestlounbezéier, déi 48.000, géifen heihinner manifestéiere kommen an déi Richteg, déi, déi wierklech an der Suerg all Dag stinn, fir hiren Euro een-, zwee-, dräi-, véiermol ëmzedréien, dass déi dat géife maachen.

Dat ass jo zu Lëtzebuerg éischter op engem ganz héijen Niveau, wou geklot a manifestéiert gëtt. Ech wëll awer soen, wann ech bei 1.757 Euro gesinn, dass de Wäert - ech hu mer dat de Moien nach eng Kéier ugekuckt -, de Prix moyen vum Appartement am Moment hei an der Stad, fir dat Beispill ze huelen, bei 1.116 Euro de Mount läit, wann ech mer also virstellen déi 1.116 Euro mat enger ganzer Rei vun Niewekäschten, déi jiddwereen nach ze droen huet, da sinn déi 1.757 schonn net méi dat, wat heiansdo gemaach gëtt, dass dat bal d'Paradäis hei zu Lëtzebuerg wär.

Ech mengen, dann ass dat och nach ëmmer e Mindestloun, deen et erlaabt, dezent ze liewen, mä wou een awer wierklech ganz gutt muss oppassen, wat ee mat sengem Geld ufänkt. An dann ass een net mat Zoossissen ugestréckt; wéi mer dat gewinnt sinn hei zu Lëtzebuerg ze soen.

Déi puer Remarquen also gemaach, wëll ech soen, dass d'LSAP-Fraktioun dëse Projet als e kloere politesche Geste weist, fir kloerzemaachen, dass mer och an Zäite vu Kris oder Après-crise bereet sinn, derfir ze suergen, dass et deenen, déi et am mannschten hei am Land hunn an esou virun, e bësse besser soll goen, awer net ze vergiessen, dass nach vill ze maache bleift.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Lux. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëll och fir déi gréng Fraktioun als Éischt dem Rapporteur, dem Här Negri, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht. Ech wëll och meng Kolleege, d'Viviane Loschetter, entschëllechen, déi leider a Fron ass haut an déi mech gebieden huet, hir Ried virzedroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Januar 2011 gëtt e Retard vun 1,9% beim Akommes vun de Mindestlounbezéier nogeholl. An duerch de Fait, dass Lëtzebuerg eent vun de Länner an der EU ass, dat iwwerhaupt e geregelte Mindestloun huet, kënnen mir domadder, mat dëser Mesure och fir e Stéck Loungerechtkeet vun alle Salariéen, déi bei eis am Land schaffen, suergen.

Trotzdem muss mer feststellen, dass och e geregelte Mindestloun net duergeet, fir enger gewëssener Marginaliséierung vun de Mindestlounbezéier definitiv a konsequent kënnen entgéintzewierken. Mir muss feststellen, dass, obwuel sech duerch d'Analysen, déi zënter dem Aféiere vum geregelte Mindestloun am Joer '86 gemaach gi sinn, awer gewësse Schwankunge bemierkbar maachen, d'Mindestlounbezéier sech haaptsächlech nach ëmmer an deeneselwechte Kategorien erëmfannen, ob dat beim Salariat ass oder och, wat déi professionell Zonung, déi sozio-professionell Zonung an engem Secteur betrëfft.

Ech géif gären hei am Numm vun der grénger Fraktioun e puer Reflexiounen maachen zu der Fro, wien de Mindestloun kritt. Wou an a wéi enge Secteure kritt een de Mindestloun? An zu neie Weeër, iwwert déi mir eis hei am Land an och hei am Haus, gutt berode wieren, Gedanken ze maachen an der nächster Zukunft.

Et muss ee fir d'Éischt soen, dass zu Lëtzebuerg praktesch 16% vun de Salariéen am Privatsektor fir e Mindestloun schaffen an dass déi Zuel do d'Tendenz huet, méi héich ze goen, dass also all sechste Salaire, deen am Privatsektor ausbezuelet gëtt - Tendenz steigend - e Mindestloun ass. Et

ass also kee marginale Faktor, et ass keng Randerscheinung. Et betrëfft all sechste Salaire - Tendenz steigend - am Privatsektor.

Mir hunn och zu Lëtzebuerg um Aarbechtsmarché ongeféier een Drëttel Fraen an zwee Drëttel Männer. Wat schonns e relativ schlechte Wäert ass un der Fraebe-deelegung am Verglach mat dem europäesche Kontext. A vun alle Salariéen am Privatsektor kritt ee Mann vun aacht de Mindestloun, wou ronn bei de Männer 80% eng Plein-temps-Tache hunn.

Anescht ass et bei de Fraen. Do ass et esou, dass eng Fra vu fénnef, déi am Privatsektor schafft, de Mindestloun kritt; also wesentlech méi, an dass ronn 70%, also manner wéi bei de Männer, vun de Fraen eng Plein-temps-Tache hunn, an déi aner, aus wéi engen Ursaachen och ëmmer, ganz oft eng Deelzäit-Mindestlounpai kréien.

Dat ass och e soziale Problem. Wann ee weess, dass praktesch ee Mariage vun zwee gescheet gëtt, dass d'Kanner zu ronn 98% bei de Mammae wunnen a si och dann den Haaptfamilljenährer sinn, da weess een, dass dat net einfach ass, fir dat mat engem Mindestloun kënnen ze bewältigen.

Wann een och nach weess, dass déi Aarbechtsplazen, wou d'Mindestléin ausbezuelet ginn, an aller Regel net grad déi sinn, déi déi beschte Konditiounen bidden, fir Famill a Beruff ënner een Hutt ze bréngen, ob dat am Commerce ass, Déngschtleeschungssektor, Hôtellerie, Nettoyage an anerer nach, da kann ee sech ausmolen, dass dat Situatiounen sinn, déi schwierig sinn.

► **M. le Président.** - Här Braz, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Neen, ech schwätzen haut zum Mindestloun a féiere mam Här Kartheiser keng Diskussiounen iwwer Fraen haut!

► **M. le Président.** - Dat war kloer. Da fuert virun, Här Braz!

(Interruptions)

► **Une voix.** - Très bien, Här Braz!

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Eng aner Grupp vu Mindestlounbezéier sinn oft déi Jugendlech ënner 30 Joer, an oft - ëmmer méi oft - nach méi jonk Leit. Ech erënnere lech drun, léif Kolleegeinnen a Kolleege, dass mir hei am Land zënter enger Zäitchen tëschent 15% an 20% - doriwwer streiden d'Optimiste mat de Pessimisten - vun all eise Schoulofgänger hunn, déi ouni Qualifikatioun d'Schoul verloossen. D'PISA-Etüd huet eis nach d'lescht Woch gewisen, dass mer eis an där doter Saach net kënnen berouegen oder zréckleeën, mä dass och do den Trend net positiv ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis eegen Aarbechtswelt besteet aus engem Fénneftel vu jonke Mënschen, déi mer, wéi gesot, onqualifizéiert aus eise Schoule goe loossen. Et huet een heiansdo d'Gefill, mir géifen eis net all d'Gedanken doriwwer maachen, well Solutiounen hu mer nach ëmmer net genuch fonnt. Dat heescht, dass all fénneft Kand no der Schoulzäit mat engem schlechten Départ an d'Ve professionnelle start an dass et dee schlechten Départ och an de Joren duerno alles anescht wéi ophëlt, mä dass et éischter dee schlechten Départ, deen et huet, eng ganz laang Rei Jore viru sech dréckt, bis et definitiv e gewëssene Sockel erreecht huet, wou d'Liewe sech fir déi jonk Leit ännert.

Ech wëll an deem Kontext haut och bewosst net agoen op eng detailléiert soziokulturell Analys vun de Mindestlounbezéier, déi mer um Aarbechtsmarché erëmfannen, oft an extremen oder zumindest prekäre Situatiounen: CAE, CIE, CIE-EP, 80% dann och nach mam Salaire social minimum. Ech wëll just kuerz an Erënnung rufen an eng Parallell zéien zu den Analysen a Statistiken iwwer Familljen a Kanner, déi dem Aarmutrisiko ausgesat ginn. Dat si praktesch déiselwecht Zuelen.

A praktesch all Secteuren, déi méi vum Mindestloun concernéiert sinn, praktesch all déi Secteure si Secteuren, wou kierperlech Aarbecht am Vierdergrond steet, Secteuren, wou de Facteur Aarbecht eng wichteg Roll spillt, wou also aarbechtsintensiv Betriber sinn.

Ech wéilt och eng Remarque maachen, Här President, zu rezente Positiounen, déi vun de Patronatschambere gemaach gi sinn. Natierlech ass e klengen oder e Mëttelbetrib net erfreet doriwwer, wa mir haut hei am Haus decidéieren, de Mindestloun ze adaptéieren. Och wann dat e Retard entre guillemets „nëmmen“ ass vun 1,9%, dann ass dat awer fir eng Rei vu Betriber eng gréisser Adaptatioun, och Belaaschtung, well si proportional gesi vill Aarbechtskräften hunn - also aarbechtsintensiv Betriber sinn - an dann natierlech och iwwerproportional oft e Mindestloun müssen ausbezuelen. Fir déi gëtt et natierlech en Effort, dee se mat de Recettë vum Betrib mussen bestreiden, dat versti mir ganz gutt!

Obwuel mir eis awer hei deene Kritiken net uschlëssen, well mir mengen, dass dee Mindestloun soll ugepasst ginn, a mir eis dofir och dës Kéier net an der Logik vun de Berufsskummere bewege kënnen! Mir soe ganz daitlech, dass et wichteg a noutwendeg ass, sech hei am Haus deemnächst seriö Gedanken doriwwer ze maachen, eng méi équilibréiert Verdeelung vum Coût salarial an der Aarbechtswelt hinzekréien an och d'Repercussiounen, d'Gesamtrepercussiounen op d'Ekonomie net aus den Aen ze verléieren.

Wa mir an Zukunft un engem System festhalen, wou haaptsächlech de Facteur Aarbecht finanziell belaauscht gëtt beim Finanzement vun de soziale Systemer, da risikéiere mer éischters, effektiv - mat oder ouni Diskussiounen iwwert de Mindestloun - d'Kreatioun an d'Bäibehale vun den Aarbechtsplazen net onbedéngt ze ënnerstëtzen, jo souguer éischter de Contraire ze bewierken. Dat solle mer net wëllen.

Zweetens: Kleng a Mëttelbetriber si seriö benodelegt par rapport zu kapitalintensiven Betriber, déi proportional zu hirem Geschäftsergebnis natierlech manner Personalkäschten hunn a sech nach - par rapport zu hirem Resultat - manner um Finanzement vum Sozialstat bedeelegen.

Mir kënnen och an Zukunft net ausschliesselech iwwert d'Berechnung vun de Cotisations sociales um Facteur Aarbecht eise Sozialstat erhalen, op jiddwer Fall net, wa mer wëllen déi fir eis esou wichteg Cohésion sociale weider fleegen an och onbedéngt ausbauen, well mir sinn net iwwerzeegt, dass d'Cohésion sociale zu Lëtzebuerg à l'épreuve de tout ass oder kéint sinn, wann d'Belaaschtungen nach méi grouss géife ginn, wéi se an deene leschten zwee Joer an och am Moment waren a sinn.

Mir vertrieeden och als Gréng, dass et haut noutwendeg ass, iwwer Lounniewekäschten ze diskutéieren, iwwer eng nei, méi équilibréiert Participatioun un a Redistributioun vun de soziale Leeschtungen, wou net nëmmen oder net haaptsächlech de Facteur Aarbecht zu der finanzieller Ofsecherung vun eisem soziale Sécherungssystem bäidréit.

Mir sinn als Gréng der Iwwerzeegung, Här President, dass nei, dass aner Weeër, wéi zum Beispill eng Wäertschätzungsabgab oder Ökosteieren, wichteg Piste sinn, fir an Zukunft eise Sozialstat ze moderniséieren an doduerch och laangfristeg ofzesécheren, wat am Intérêt ass vun enger sozialer Politik zu Lëtzebuerg. Mir mengen och, dass et, wann een dee Wee géif goen, zu enger Entlaaschtung vu klengen a Mëttelbetriber, déi aarbechtsintensiv sinn, kéint kommen, wat eng Reduktioun vun de Lounniewekäschten géif mat sech bréngen, wat an dësen Zäite mat Sécherheet keng falsch Pist wier.

Dës Bemierkunge gemaach, dierfe mer net vergiessen, dass de Mindestloun aus der Siicht vun deem, deen e kritt, e Mindestloun ass, e soziale Mindestloun ass! Et ass dat, wat e Mënsch minimal brauch, fir hei am Land kënnen un tant soit peu digne ment ze iwwerliewen. Wien drun zweifelt, soll sech selwer eng Kéier beméien, eng mënschewierdeg Wunneng zu Lëtzebuerg ze fannen, déi net méi wéi een Drëttel vum Mindestloun géif kaschten, mat de Chargin, dat wieren dann ongeféier 600 Euro. Dat ass net einfach, haut nach



eng Wunneng fir dee Präis ze fannen, fir net ze soen, praktesch onméiglech an den allermeeschste Fäll.

Eng monopaternal Familj mat engem Kand huet trotz deem zousätzleche Sozialakommes wéi Kannergeld en plus vum Mindestloun bäi Wäitem net déi Chancen, déi se misst hunn, an huet et schwéier, aus der Marginalitéit erauszekommen, wa se bis eng Kéier drageroden ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wier nach sécher viles ze soen. De Prinzip vum Mindestloun a sengen automateschen Adaptatiounen ass net déi eenzeg, mä mat Sécherheet ass dat eng wichteg Komponent, fir alle schaffende Leit ze hëllef, an der Gesellschaft kënnen mat virunzekommen an hiert Liewen ze gestalten.

déi gréng ënnerstëtzen dofir dës Prinzip, a mir wäerten och dës Projet de loi stëmmen, an d'Madame Loschetter seet Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. Elo kritt d'Wuert den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleg Roger Negri Merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass och selbstverständlech, datt d'ADR wäert dësem Projet zoustëmmen, well et ass eng Tradition scho quasi hei am Haus ginn, an dat ass och gutt, datt d'Mindestlounerhéijung eestëmmeg hei am Parlament gestëmmt gëtt.

Déi Erhéijung hei ass déiselwecht, déi mer gëschter bei de Pensiounen a Renten hate vun 1,9%, wat am Fong de Réckstand ass vun der Lounentwécklung aus de Joren 2008 an 2009, déi am Secteur statfonnt huet.

Wann een déi Chiffere kuckt, déi elo de Mindestloun an d'Luucht geet, da geet e fir en Onqualifizéierte vun 1.724,81 op 1.757,56, also ëm 32,75 Euro brutto de Mount an d'Luucht. Fir de qualifizéierte Mindestloun geet en op 2.109 Euro de Mount an d'Luucht, oder 39,3 Euro d'Stonn (veuillez lire: de Mount), wou de Mindestloun an d'Luucht geet. Wann een dat op d'Stonn kucke geet, da geet den normale Mindestloun op 10,15 Euro an d'Luucht, oder et mécht eng Augmentatioun aus vun 0,1893 Euro. Beim qualifizéierte Mindestloun mécht dat eng Augmentatioun op d'Stonn vun 0,2273 Euro aus.

Et ass also net esou dramatesch, wann ee kuckt, wat d'Leit do als Augmentatioun an der Stonn kréien. Et ass awer wichteg, datt déi Augmentatioun gemaach gëtt, an ech mengen, de Kolleg Lux huet déi Chiffere schonn eng Kéier hei vir genannt. Ech wëll se awer nach eng Kéier nennen, well dat awer wichteg ass, datt een hei zu Lëtzebuerg feststellt, datt am Laf vun zéng Joer am Fong d'Zuel vun de Mindestloun-bezéier sech vu 24.000 op 48.000 verduebelt huet. Prozentual zu de Beschäftegten ass dat zwar keng Verdueblung, do geet et erop vun 11% op eppes 15% vun de Beschäftegten hei zu Lëtzebuerg, déi Mindestlounbezéier sinn.

Et gëtt ëmmer an der Vergaangenheet gesot, datt een dovun kann ausgoen, datt et och ongeféier nach eng selwecht Zuel gëtt, déi 20% bis 30% iwwert dem Mindestloun läit. Also et ass net, datt ee ka soen, mir hunn der elo 48.000, déi Mindestlounbezéier sinn, an de Rescht, dat si Groussverdänger; also och do gëtt et nach ganz vill Leit, déi dann ebe just iwwert dem Mindestloun leien.

Firwat ass et wichteg, datt mer de Mindestloun hunn? Ech mengen emol, engersäits ass et wichteg, well mer - an dat ass och schonn hei gesot ginn - net an alle Branchë Kollektivverträge hunn, an déi Leit hei, déi de Mindestloun hunn, dat si grosso modo déi Leit, déi net ënner Kollektivvertrag falen. Wa mir net géifen de soziale Mindestloun upassen, da kriterien déi Leit an der Regel keng Augmentatioun. Hei ass et och wichteg, datt mer - grad vis-à-vis vun dëser Leit - den Index hunn. Well do kréie se hir Kafkraaft och ausgeglach. Also ass et virun allem wichteg fir déi Leit,

déi ënner kenge Kollektivverträge leien, datt mer e Mindestloun hunn an en Index hunn.

Wann een d'Fro vum Index diskutéiert, da kéint een doriwwer diskutéieren, wann een an alle Branchë Kollektivverträge hätt. Mä da muss ee wëssen, datt dee soziale Friden, dee mer iwwer Jorzéngten hei am Land duerch den automateschen Index haben, datt mer dee géifen ëmwandelen an eng Sträitkultur tëschent de Gewerkschaften an de Patronë queesch duerch d'Land. Well wa mer an déi aner Länner kucke ginn, wou et den automateschen Index net gëtt, mir brauchen nëmme bei eis däitsch Noperen elo ze kucken, wéi do d'Revendicatiounen am Abléck sinn, déi erëm op 4%, 5% eropginn. Dat heescht, déi mussen elo laang streiden, fir eppes ze maachen, wat mir hei automatesch maachen, awer net méi maachen an der Regel, wéi dat an den Nopeschlänner de Fall ass.

Et ass also wichteg, datt mer de Mindestloun augmentéiere genausou gutt wéi den Index. Et ass natierlech kloer, datt et fir d'Betriber eng Belaaschtung ass, eng zousätzlech Belaaschtung. Fir déi Betriber, déi elo net an engem internationale Konkurrenzkampf oder an engem Konkurrenzkampf vun der Groussregioun stinn, déi also reng national aktiv sinn: Déi kënnen dat jo géigesäiteg kompenséieren.

De Verglach kann also just gemaach ginn, wat d'Konkurrenzfähigkeit ubelaangt, wann een dat mat den Nopeschlänner mécht: An do hunn och eis franséisch an eis belsch Nopere Mindestloun. Wann een déi Mindestloun och kuckt, déi si wuel net esou héich wéi eis, mä wann ee se awer kuckt, wat se d'Betriber kaschten, well do d'Charges sociales an d'Charges patronales vill méi héich si wéi hei zu Lëtzebuerg, da gëtt et keng grouss Differenz méi tëschent Frankräich, Lëtzebuerg an der Belsch. D'Differenz, déi bleift bestoe vis-à-vis vun Däitschland.

Mä ech mengen, op där anerer Säit muss een awer och wëssen, wann et eis Betriber méi kascht, esou ass et awer och grad, géif ech mengen, déi dote Branche vu Betriber, déi vun der Augmentatioun vum Mindestloun ka profitéieren. Well dat dote si jo déi Leit mam Mindestloun, déi net, wéi vill anerer, iergendwéi am Ausland op der Côte oder soss enzwousch en Appartement oder eng Villa hunn, an et sinn och net déi dote Leit, déi e puermol d'Joer an d'Vakanz fueren. Mä déi dote Leit, déi ginn am Prinzip och all Euro hei zu Lëtzebuerg aus.

Déi hunn net méi Geld, och mat enger Augmentatioun elo vun an déi 30 Euro, fir kënnen an d'Vakanzen ze fueren oder grouss Vakanzen ze maachen. Dat heescht hei, datt eisen Handel, eise Commerce, d'Handwierk och vun där doter Augmentatioun direkt profitéieren. Dat Geld bleift an der Regel eiser nationaler Ekonomie reservéiert.

Här President, ech mengen, an deene leschten Deeg ass relativ vill op europäeschem Niveau geschwat ginn am Kader vun der Stabilitéit vum Euro - wann een d'international Press verfolgegt, ass vill dovun geschwat ginn -, datt, fir den Euro méi ofzesécheren, een och misst - déi eenzel Staten - méi Souveränitätsrechter un Europa ofginn. Et ass geschwat gi vun der Gouvernance économique, et gëtt geschwat - wann ee virun allem eisen däitschen Nopere gëschter nogelauschert huet -, datt ee misst versichen, dann awer och, wann ee wëllt an déi Richtung goen, gläich Steieren ze maachen. Et ass vun enger gläicher Gewerbesteier geschwat ginn, et ass vun enger gläicher TVA geschwat ginn, et gëtt vu gläichem Antrëtsalter an d'Pensiounen geschwat.

Alles dat sinn Themen, déi, wann een haut d'international Press kuckt, am Kader vun der Stabilitéit vum Euro ëmmer erëm mat vir diskutéiert ginn. Obschonn ech mengen, datt et kloer ass fir eis als Partei, datt mir keng weider Souveränitätsrechter wëllen un Europa ofginn. A wann, dann hätte mir och gären doriwwer e Referendum hei zu Lëtzebuerg!

Mä wouvu kee geschwat huet an deenen Debatten an deene leschte Wochen am Kader vun der europäescher Stabilitéit vis-à-vis vum Euro, dat ass iwwer sozial Mindestnormen. An all deenen Texter, wou

een an der internationaler Press schwätzt, gëtt vun allem geschwat, wat misst harmoniséiert ginn an Europa, awer net vu soziale Mindestnormen. Ech mengen, do kéinten eis Regierung an eise Statsminister och emol eng Kéier eng Virreiderroll spillen, wann ee géif soen: Mir kënnen nëmmen an déi dote Richtung goen, wann och sozial Mindestnormen hei an Europa agefouert ginn.

Ech erënneren drun, wann een Eurostat kuckt, gëtt et am Abléck 20 Staten an der Europäescher Unioun, déi e Mindestloun hunn. Wou zwar riseg Differenze leien: Ech mengen, Bulgarien läit mat 122,7 Euro de Mount am wäitsten ënnen. Sou datt et och kloer ass: Wann een europäesch Mindeststandarde festleet, da kann dat net e Mindestloun en chiffrés absolut sinn, deen do festgeluecht gëtt, mä et kann nëmmen eng Base, wéi een an all Land e Mindestloun berechent, ginn, déi een um europäeschen Niveau festleet a wou dann eben déi ekonomesch an demographesch an all déi national Date mussen Afloss kréien, fir datt eben all Land e Mindestloun zum Beispill kritt an der Europäescher Unioun, dee wuel differenzéiert ass, mä deen awer deenen nationale Gegebenheeten ugepasst wier.

Dat wier zum Beispill ee Punkt, wou een Europa erëm géif de Leit méi no bréngen. An net, wann een op där anerer Säit hiiget an et mécht ee Propositionen, wou am Fong d'Leit ëmmer méi d'Gefill kréien an och de Bewäis kréien, datt Europa herno op d'Käschte vun de Leit geet, op d'Käschte vun der Sozialpolitik geet!

Wann et - ech hunn et d'lescht Woch hei bei menger Budgetsinterventioun virgelies, wou den däitsche Finanzminister am Fong deen Dag am „Lëtzeburger Wort“ geschriwwen huet, datt hien der Meinung wier, et dierft nëmme méi een europäesche Budget ginn - keng national Budgete méi gëtt, a wann op europäeschem Niveau géif alles festgeluecht ginn, wat d'Steierpolitik géif ubelaangen, wann dat d'Tendenz ass an Europa, da kréie mer sécherlech kee soziale Mindestloun an Europa, mä da krite mer Hartz IV a ganz Europa. An dat wëlle mer doudsécher net!

Duerfir plädéiere mir derfir, datt eis Regierung, wa se an esou Négociatiounen erageet, sech op de Fändel schreift - an zwar op deenen éischte Fändel schreift -, datt ee fir d'Éischt muss sozial Mindestnormen hei an Europa aféieren, fir datt och eis sozial Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg net ëmmer méi ënner europäeschen Drock kennt. Europa dierft net eng Gefor fir eise Sozialsystem sinn, mä Europa muss et fäerdeg bréngen, datt och déi aner Länner een héije sozialen Niveau kréien. Dann ass Europa derwäert, gelieft ze ginn!

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, et ass selbstverständlech, an Dir wësst et, dass ech mat där Upassung vun deem Mindestloun averstane sinn. 1.750 Euro brutto, net netto, brutto, a virausgesat, et huet een eng Vollzäitaarbechtsplaz, a mir wëssen, dass dat nach laang net fir jiddwereen de Fall ass! Awer bleiwe mer emol bei deenen 1.750 Euro de Mount: Geet dat dann elo wierklech duer, fir hei zu Lëtzebuerg anstänneg ze liewen? Ech soen: ze liewen, net ze iwwerliewen, ze liewen! A wéi ze liewen? Wéi soll een dat dann entscheeden?

Gro ass all Theorie an näischt geet iwwer eegen Erfahrung. Ech maachen Iech e konkrete Virschlag: Mir huelen eis sechs Méint Zäit. Déi sechs Méint kritt jiddweree vun eis de Mindestloun, also nach dee vun enger voller Aarbechtszäit vun 1.750 Euro de Mount, den net qualifizéierten, den net qualifizéierten!

(Interruptions)

D'Regierung huele mer gär mat an d'Experiment.

(Interruption)

Nach léiwer huele mer den Här Michel Wurth a seng Kollege mat an d'Experiment.

(Interruption)

A selbstverständlech ginn all aner Revenuen a Reserven a Patrimoine blockéiert. An da liewe mer also wéi 50.000 - ech misst elo ënnerscheeden tëschent qualifizéiert..., mä insgesamt wéi 50.000, à peu près -, wéi 50.000 Leit hei zu Lëtzebuerg liewe mer sechs Méint. An da kucke mer, wéi mer eens ginn: wéi a wou mer eng mënschewierdeg Wunneng fannen, gegebenenfalls fir eis Famill. Et muss een och direkt soen, wa mer mam Ausland vergläichen, mam Nopeschland: Eleng d'Präisser vun de Wunnenge ginn duer, fir dass deen Ënnerschied do schonn opgefress ass par rapport zu Frankräich an der Belsch.

Mir kucken, wéi mer eis gesond ernähre mat biologeschen Nahrungsmittelen. Mir kucken, ob mer nach eng kleng Vakanz kréien, ausserhalb vum bëlleegste Massentourismus. Vläch heiansdo awer och nach an den Theater oder an de Kino goen, e puer Bicher eis kënnen leeschten.

A virun allem eise Kanner, wa mer der hunn, net nëmmen esou vill bidden, dass se sech dobauss bei hire Kolleeginnen a Kolleegen net brauchen ze schummen, sondern dass mer hinnen esou en Ëmfeld kënnen garantéieren, dass se sech wierklech kënnen entwéckelen, vu klengem un, ënner esou Konditiounen, wéi zum Beispill d'Unicef se an hire Rapporten, och nach an deem leschten, virschléit: en eegent Zëmmer mat Bicher, mat sportlechen a kulturellen Aktivitéiten; dat alles, wat e Kand bräicht, fir sech kënnen eenegermoosse gläichwäerteg mat deenen aneren ze entwéckelen.

An no deene sechs Méint, Här President, da komme mer heihinner zrëck an dann décidéiere mer nach eng Kéier iwwert d'Héicht vum Mindestloun. An déi, datt da fannen - nach ëmmer -, dat géif gutt duergoen, déi forcéiere mer natierlech net, drop ze verzichten, mat dem Experiment weiderzefueren.

Ech soen Iech alleguerten am Virus Merci fir Är Bedeelegung un deem Experiment.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech natierlech och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Ech wëll awer och all deenen anere Riedner soen, datt mer eng digne Diskussioun hei gefouert hunn iwwer e Sujet, deen effektiv 50.000 Leit - wéi dat virdu gesot ginn ass - ugeet, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen oder zumindest hei zu Lëtzebuerg schaffen.

A grad an engem Moment, wou mer aus der Kris erauskommen, hoffentlech, ass et wichteg, e Signal ze ginn, datt mer effektiv net déi vergiessen, déi ëmmer à la marge musse liewen - wéi dat hei richteg gesot ginn ass vu praktesch jiddwerengem -, déi mussen all Euro dräimol ëmdréien, ier se en eventuell kënnen ausginn. An ech ka mech nëmme félicitéieren, datt all Fraktioun hannert deem Projet hei steet.

All Theorie, déi seet, de Mindestloun, dee mécht d'Aarbechtsplaz futti, dat ass eng Theorie, déi gëtt et natierlech an allen Ekonomiesbicher, déi geschriwwen si vun deenen, déi och gesot hunn, d'Finanzmäert géife sech selwer reguléieren. Mir kennen d'Resultat! Déi Theorie, déi weist sech als net stéckhalteg.

Well, éischstens emol, an all deene Länner, wou keng Mindestloun waren an der agefouert gi sinn, do ass deen Débat och esou gefouert ginn. Ech denken zum Beispill un England. No der Thatcher-Ära a beim Tony Blair, wou de Mindestloun agefouert ginn ass, do ass genau déi Diskussioun gefouert ginn: De Mindestloun ass entweder ze héich oder iwwerhaapt de Prinzip vum Mindestloun, dee mécht Aarbechtsplaz futti. Kee konnt beweisen, datt dat de Fall ass!

Och hei zu Lëtzebuerg - et ass virdu gesot ginn - ass et esou, datt zwar de Mindestloun hei zu Lëtzebuerg méi héich ass wéi bei den Nopeschlänner, mä mir awer och dat Land sinn, dat an deene leschte Méint oder an deem leschte Joer, trotz Kris, säit Oktober 2009 op Oktober 2010 et fäerdeg bruecht huet, nach 8.000 Aarbechtsplazen ze schaffen!



An dov u sinn eng ganz Rei, komescherweiss, Aarbechtsplazen, déi, loosse mer dat soen, Transfertaarbechtsplaze sinn, wou Entreprisë sech hei zu Lëtzebuerg instaléiert hunn, well se fannen, datt d'Ëmfeld, also och d'Lounëmfeld hei zu Lëtzebuerg méi favorabel ass wéi an den Nopeschlänner. Et ass also net richtig ze soen, datt de Mindestloun oder d'Erhéijung vum Mindestloun eng Zort „automateschen Jobkiller“ ass. Dat ass falsch!

Den zweete Punkt, deen ech hei wëll soen, dat ass, natierlech mussen mer oppassen, fir ons Coûts salariaux ënner Kontroll ze halen. An ee vun onse groussen Avantagen, déi mer bis ewell haten an och mussen behalen, dat sinn d'Lounniewekäschten. Mir maachen eigentlech d'Differenz ëmmer erëm nei iwwert d'Lounniewekäschten. An dat mécht och, datt dat, wat d'Leit herno an der Täschen hunn, méi héich ass wéi dat, wat se an anere Länner fir ähnlech Salären an der Täschen behalen.

Vu datt jo am Ufank vun dëser Sëtzung vill iwwert déi Diskussiounen an deen Accord mat den Employeuren geschwat ginn ass, kann ech just soen, datt eng Mesure vun deem Paquet natierlech drop erausziilt, déi Lounniewekäschte weider geréng ze halen. Weider geréng ze halen, an dat ass u sech iwwert de Wee vun der Mutuelle ze probéieren, datt mer déi Käschten, déi Lounniewekäschten op engem esou nidrege wéi méiglechen Niveau kënnen halen.

Mir wëssen allegueren, déi Mutuelle ass u sech an engem Beräich, am Gesondheitsberäich - de Gesondheitsminister sëtzt hei - iwwert de Statut unique kréiert ginn a finanzéiert jo eng Rei vu Prestatiounen, déi am Krankheitsfall op ons zoukommen.

Ech sinn iwwerrascht, wa gesot gëtt, mir müssen d'Cotisations sociales duerch aner Saachen ersetzen, fir net - do och erëm, wéi dat bemierkt ginn ass - d'Lounniewekäschte weider steigen ze loossen. Mir sinn eent vun deene Länner, déi schonn e groussen Deel vun de Sozialdépendenzen net eleng iwwert d'Cotisations sociales finanzéieren. Méi wéi en Drëttel vun onse Cotisations sociales, Här Braz, déi gi finanzéiert iwwer Steiersuen, dat heescht iwwer all Zort aner Recetten, déi mer maachen.

Ech wëll näischt soen iwwert d'Kollektivvertrag, wat dat géif heeschen, wa mer kee Mindestloun hätten; wa mer de Mindestloun ni géifen upassen, wat dat géif heesche fir déi 50.000 Leit. Dat heescht, mir hätten eng Schéier an dësem Land, déi sech ëmmer méi grouss géif opmaachen tëschent deenen, déi protegéiert wieren, tëschent deenen, déi e Kollektivvertrag hätten, an tëschent deenen, déi eigentlech näischt hätten, déi ganz op sech eleng ugewise wieren.

An déi Schéier, déi ass inakzeptabel! Déi ass inakzeptabel an deene ville Länner, wou déi Schéier amgaang ass ëmmer méi grouss opzegoen. Si ass natierlech ëmsou méi inakzeptabel an engem Land wéi Lëtzebuerg, dat - wéi Kolleegen och gesot hunn - vun der Cohésion sociale leeft, wou onse ganzen Zesummenhalt an dësem Land, vun onser Gesellschaft, och eng Saach ass vun der Cohésion sociale.

Mir wëllen hei an deem Land net de Problem vum „working poor“! A mir wëssen, datt de Mindestloun de Leit net eng „Largesse“ duerstellt an hinnen net ofréiert - wéi den Här Hoffmann dat op seng ganz schéi bildlech Sprooch duergeluecht huet -, net erlaabt, op groussem Fouss ze liewen.

Den „Seuil de pauvreté“ - ech rode jiddwerengem, déi interessant Aarbecht vum Statec ze liesen iwwer „Cohésion sociale et travail“ -, den „Seuil de pauvreté“ an dësem Land läit realisteschweis bei 1.588 Euro fir eng Persoun. Dat heescht, dee läit just e bëssen ënnert dem Mindestloun. Mir wëssen also, datt et do ganz enk ass fir all Eenzenelen, dee mat deene Suen, mat deene Revenuë muss eens ginn an digne ment an dësem Land ka liewen.

An et ass ouni Zweifel, datt ee Problem an dat Ganzt voll eraspillt - den Här Lux huet et gesot, anerer hunn et gesot -, dat ass de Präis vun Logement hei zu Lëtzebuerg. Och do an deem Rapport geet kloer ervir, datt praktesch 80% vun de Ménagë soen, datt fir si de Poids, d'Charge vum Lo-

gement, entweder iwwer Loyer oder iwwer Remboursement, eng Charge importante, eng schwéier Charge an hirem Familljebudget ass.

Elo stellt Iech all emol vir, wat fir eng Charge dat ass fir e Mindestlounbezéier; fir e Mindestlounbezéier, besonnesch deen och nach Kanner huet.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Däerf ech dem Minister eng Fro stellen?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- An do mussen mer setzen. Do ass e Punkt do, wat d'Logementspolitik... an ech freeë mech och drop, datt den Här Schank, de Minister fir Logement, amgaang ass nozedanken, wéi mer déi Offer... well dee Problem kréie mer nëmmen ënner Kontroll, wa mer d'Offer vu Logementer hei zu Lëtzebuerg drastesch eropsetzen.

E leschte Punkt, deen ech wollt soen...

► **M. le Président**.- Entschëllegt, Här Minister. Erlaabt Der, datt den Här Hoffmann Iech eng Fro stellt?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Jo, d'accord. Als mäi fréiere Professer däerf e mer ëmmer eng Fro stellen.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Soss kann ech no Iech schwätzen, dat ass mer egal.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Stellt Är Fro, Här Hoffmann!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Grad zum Logement, éierlech gesot, ech gleewen net drun, dass mer de Problem vum Logement nëmmen iwwer eng Politique de l'offre geléist kréien. Grad bei deene Leit, vun deene mer elo schwätzen, mengen ech, dass et wierklech muss e ganz staarken Hoff ginn a Richtung vu méi soziale Wunnengsbau. Ech hunn ëmmer hei avancéiert, an ech mengen, dat wier net iwwerdrifwen, et missten 10% sinn.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Dat ass eng Fro vun der Offer.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Meng Fro ass, als Aarbechtsminister - net zoustänneg fir de Logement, mä als Aarbechtsminister -, ob Dir Iech an Ärer Regierung vläicht wëllt derfir asetzen, dass mer an deem dote Beräich, virun allem am Beräich soziale Mietwunnengsbau - kënne mer net de Gemengen iwwerloossen, well mer feststellen, dass dat net fonctionnéiert -, dass mer do wierklech en Hoff maachen? Well et ass nëmmen op déi doten Aart a Weis, mengen ech, wou mer déi dote Populatioun, wou mer där kënnen hëllef, fir mënschewierdeg Wunnenge kënnen ze kréien.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Ech si mat Iech d'accord, Här Hoffmann, mä Dir musst mer elo explizéieren, wann Der sot, mir misste méi sozial Mietwunnengen op de Marché bréngen, ob dat net eng Fro ass vun der Offer? Dat heescht, mir müssen d'Offer vu Logementer augmentéieren. Dat heescht, mir müssen och d'Offer vu Sozialwunnengen eropsetzen, fir datt effektiv...

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Et sinn awer net déi dote Leit, déi d'Präisser an d'Luucht driewen! Verstitt Der?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Dat ass net de Punkt. Dat ass net de Punkt, mä bon.

Ech wollt hei zum Schluss op ee Punkt agoen, an dat ass dee Mythos oder déi Afär, déi ëmmer elo an d'Welt gesat gëtt - an ech war och enges Moies extrem schockéiert, wéi ech dat um Radio héieren hunn -, wou eigentlech gesot gëtt, net „work pays“, mä d'Näischtsmaache bezilt sech. A bei enger Interventioun ass dat jo och mentionnéiert ginn, datt mer hei an engem System wieren, wou den RMG méi komfortabel wier wéi de Salaire social minimum. Dat heescht, u sech hätt een Intérêt, éischter op den RMG ze zielen, wéi op de Mindestloun.

Ech mengen, éischters, ass dat eng Approche, déi e bëssen un d'Grenze kënnt vun der Décence, well déi Leit, déi am RMG sinn - ech wëll net soen, datt et net

och do Problemer gëtt -, mä déi sinn och net an enger absolut favorabler a glécklecher Situatioun.

Mä sécher ass et wichteg, sécher ass et wichteg, datt Aarbecht sech bezuelt mécht. Et kann net esou sinn, datt de Choix esou wier, datt een net bräicht ze schaffen an eigentlech besser dru wier, wann een net géif schaffen. An déi Vergläicher, déi do ugestallt ginn, an déi besonnesch do um Radio och vun enger Persoun ugestallt gi sinn, déi och elo, mengen ech, hei zitéiert goufen, déi jo...

(Interruption)

...oder an der Zeitung, peu importe...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et stoung am „Wort“!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Déi soen, déi vergläichen...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et stoung am „Wort“, da muss et jo awer richtig sinn.

► **Une voix**.- Da lauschtert no!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Wann ech gelift, mir sinn hei an enger seriöser...

► **M. le Président**.- Här Bettel, lauschtert dem Här Minister no!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Déi vergläichen e bëssen Äppel mat Biren! Hei gëtt gesot, en Adulte, dee schafft, dee vergläiche mer elo mat enger Koppel, déi effektiv RMG-Bezéier ass. An da fanne mer eraus, datt effektiv, nom aktuelle Stand vum Salaire social minimum, nodeem... ier mer en da gehéicht hunn, deen een 1.724 Euro verdéngt an deen aneren, dee verdéngt als Adulte ouni Kand mat RMG 1.228 Euro.

Dat heescht, mir vergläichen en Adulte am RMG an en Adulte, deen e Salaire social minimum huet. An da stelle mer fest, datt d'Differenz vun deem, dee schafft, 496 an eppes Euro ass. Et ass also net esou, datt deen, deen am RMG wier, besser dru wier wéi deen, dee schafft!

Wann een also elo vergläicht - an et kann een ëmmer nëmme Situation sociale mat Situation sociale vergläichen, dat muss ee maachen -, dass also, wann een Adulte mat engem Kand schafft, dee kritt säi Mindestloun an e kritt duerno... Deen den RMG, dann hu mer nach ëmmer eng Differenz vu 402 Euro. Wat vergiess ginn ass ze soen, dat ass, datt och déi Leit, déi am Salaire social minimum sinn a Kanner hunn, e Complément kréien, wou souguer 30% vun hirem Salaire immuniséiert gëtt an ausgeglach gëtt.

Dat heescht natierlech, wann een e Single vergläicht mat engem, deen dräi Kanner huet, deen am RMG ass, da muss deen natierlech mat dräi Kanner am RMG méi kréie wéi de Single, well soss géif et jo wierklech iwwerhaupt net opgoen. Oder mir driewen eng Famill an d'total Précaritéit an an d'total Aarmut. Mä ënnert deene gläiche Bedéngunge vun engem Ménage, vun engem Stot, ass deen, dee schafft, ëmmer besser drun. An dat ass wichteg!

De leschte Punkt ass, mir müssen natierlech probéieren, besonnesch déi Leit, eng Rei vu Leit, déi am RMG sinn, op den Aarbechtsmaart zrëckzebréngen. Dat ass net einfach. Mä mir müssen dat probéieren. An duerfir ass dee ganze Komplex vum RMG, vum Mindestloun och eng Saach vu Formation, vun Investissement an d'Leit, fir ze probéieren, de Leit nei Weeër opzemaachen um Aarbechtsmaart.

Och do kann ech soen, dat, wat mer gëschter gemaach hu mat de Patronen, fir ze soen, mir wëlle méi an d'Leit investéieren, mir wëllen d'Betriber derzou bréngen, méi an d'Formation auszeginn; an et ass daitlech an där Réunioun gesot ginn, datt et besonnesch drëm geet, an deene klengen Betriber, an deene Betriber, wou ganz vill Niddreglounbezéier sinn, wou ganz vill Mindestlounbezéier sinn, och an d'Mënschen, och an d'Leit ze investéieren; an datt mer do grad déi Leit, déi Betriber och accompagnéieren a pousséieren, datt se an hir Leit investéieren.

Mä dat lescht Wuert ass: Wéi vill Leit schaffen dann am RMG? Et gëtt ëmmer vergiess, datt ee ka ganz gutt RMGist sinn, den RMG bezéien an absolut schaffen. Et

ass net esou, datt een am RMG doheem sëtzt a sech et gutt goe léisst. Dat ass falsch!

1.217 Leit waren an enger Mesure d'insertion, hu geschafft, haten e Stage an enger Entreprise, waren also occupéiert, waren also net einfach doheem an hunn all Mount den RMG kritt. An natierlech ass dat déi richtig Approche. Natierlech mussen mer déi Approche mat der ADEM, wéi virdru gesot ginn ass, pousséieren.

Mir mussen grad déi Populatioun, déi déi schwächst hei zu Lëtzebuerg ass, mat där mer müssen ons ofginn, wou vill Leit drënner sinn, déi entweder wäit vum Aarbechtsmaart ewech sinn, duerch gesondheetlech oder aner Ursaachen, oder ganz einfach, well se net forméiert sinn an de Besoinë vun deem Aarbechtsmaart entsprechen. Mir müssen déi Leit ënnerstëtzen an alles maachen derfir, datt mer e Maximum an eng Aarbecht kréien.

An den RMG ass e Wee dozou. Et ass e Wee dozou, datt d'Leit net an d'absolut Aarmut, an d'absolut Exklusivoun ofdriewen; gradesou wéi de Salaire social minimum de Leit muss zumindest e Minimum garantéieren, fir esou wäit wéi méiglech - an ech weess, datt dat à la limite ass - en digne Liewen, e würdeg Liewen ze garantéieren.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Aarbechtsminister. Domadder wier d'Diskussioun iwwert de Projet ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6222 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch et Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

3. Dépôt d'une motion par M. Félix Braz

Här Braz?

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Kuerz d'Wuert, Här President, fir den Dépôt vun enger Motioun.

► **M. le Président**.- Jo, dann huet Dir direkt d'Wuert!